Bulletin municipal

04/2019

Wäisst Kräiz

Kräizkapell

Longkaul

Bréck beim Rond-Point

Groesteen

Fels

Musel

De Schäfferot

Foto: David Bohler

Soen a Legende vu Maacher

En lwwerbléck fir unzefänken...

179 Soen a Legenden ëm Land a Leit op deenen zwou Säite vun der Musel an Ëmgéigend verzeechent den **Dr. Nikolaus Gredt** (1834-1909) 1883 am *„Sagenschatz des Luxemburger Landes“*. Vu Gréiwemaacher a ronderëm sinn der 25 an deem Wierk.

Och den **Edmond de la Fontaine**, den **Dicks** (1823-1891), kënnt schonn 1882 a sengem Wierk *„Luxemburger Sagen und Legenden“* net laanscht d'Musel – hie war jo eng Zäitlaang e Miseler. 67 Soen a Legende vun dës- an déisäit des Floss lëscht hien op. Dorënner sinn der aacht vu Maacher an Emgéigend.

Deen Drëtten am Bond, wann et ëm Maacher Soen a Legende geet, ass e Maacher Schoulmeeschter, den **Anton Wagner** (1844-1886), deen 1885 ënner dem Numm **X. Mosellanus** e Bichelche mam Titel *„Alterthümliche Merkwürdigkeiten der Stadt Grevenmacher“* erausginn huet. Dat ass *„Eine Sammlung von Sagen und Märchen, Sitten und Gebräuchen, Volksmeinungen, Liedern, Sprüchen, Spielen, u. s. w.“*. De Wagner schreift néng Maacher *„Sagen und Märchen“* an däitscher Sprooch nidder: *1. Das Longkaulemännchen. 2. Das Felsefrächen. 3. Der Grauenstein. 4. Graf Fugel. 5. Das Stolzebergermännchen. 6. Der Moselhund. 7. Das Kreuz in der Kreuzkapelle. 8. Peter Mailand. 9. Schäch ein Mrei.* (Hei handelt et sech ëm de Kreesch, wann zwou „Hexekaze“ sech begéint sinn; am Gredt ass dee Kreesch, deem seng Bedeitung onbekannt ass, mat „Schräg ein Mrei“ festgehal.)

Um Maacher Soen a Legendepad op där flott renovéierter Muselpromenad, dee mer als neien Themepad an der Schäfferotserklärung ugekënnegt haten, kréien der e puer vun deene bekannste Maacher Gestalten eng Bleif: *De Longkaulemännchen, d'Felsefrächen, de Muselhond an den Néitsert.* Och *den Däiwel um Groesteen an d'Wäisst Kräiz* ginn thematiséiert. D'Legend vum *Kräiz an der Kräizkapell* huet hir Plaz jo an der Fräiliichtgalerie Turgaass am historeschen Zentrum vu Maacher.

An dësem Gemengebulletin ginn **déi wichtegst Maacher Soen a Legende** publicéiert, an eiser Sprooch, mat enger kuerzer Erklärung op Däitsch an op Franséisch, grad eréi um Soen- a Legendepad, illustréiert mat deene flotten Illustratiounen, déi *d'Dina Paulus vu Gréiwemaacher* fir dëse Pad gezeechent huet. Et ass och eng Foto vun deene verschiddene Plazen derbäi, esou, wéi se emol ausgesinn hunn oder wéi se haut ausgesinn. D'Figur vum Longkaulemännchen, mat där de Soen- a Legendepad ageleet gëtt, ass och vum *Dina Paulus* entworf ginn.

Dieses Gemeindeblatt, das **anlässlich der Einweihung des Sagen- und Legendenpfades entlang der Grevenmacher Moselpromenade** herauskommt, beinhaltet die wichtigsten Sagen und Legenden rundum die Moselmetropole, in luxemburgischer Sprache, mit einer kurzen Erklärung auf Deutsch und Französisch, illustriert mit ansprechenden Illustrationen, welche *Dina Paulus aus Grevenmacher* für diesen Themenpfad entworfen hat sowie mit einem Foto der verschiedenen Orte, wie sie heute aussehen.

Ce bulletin municipal, publié **à l'occasion de l'inauguration du sentier des contes et légendes le long de la promenade de la Moselle à Grevenmacher**, contient les plus importants contes et légendes en rapport avec notre ville et ses environs en langue luxembourgeoise, avec une brève explication en allemand et en français, illustrés avec les beaux dessins réalisés par *Dina Paulus de Grevenmacher* pour ce sentier thématique ainsi que par une photo des différents lieux aujourd'hui.

Mir wënsche lech vill Freed beim Liesen!
Wir wünschen Ihnen viel Freude beim Lesen!
Nous vous souhaitons bonne lecture!

De Schäfferot – Das Schöffenkollegium – Le Collège des bourgmestre et échevins

Monique Hermes	Léon Gloden	Marc Krier
Schöffin	Bürgermeister	Schöffe

Bulletin municipal 04/2019

Spezialeditioun
"Soen- a Legendepad"

Inhalt / Contenu

Soen a Legende vu Maacher
En lwwerbléck fir unzefänken... **02**

De Longkaulemännchen zu Gréiwemaacher **04**

D'Felsefräche bei Gréiwemaacher **06**

De Groesteen bei Gréiwemaacher **08**

D'Wäisst Kräiz **10**

De Plang vum Themewee **12**

De gespensteschen Néitsert **15**

De Muselhond zu Gréiwemaacher **16**

D'Kräiz an der Kräizkapell zu Gréiwemaacher **18**

Bibliographie

Soen a Legende vu Gréiwemaacher (a ronderëm)

am „Sagenschatz des Luxemburger Landes“ vum Dr. N(ikolaus) Gredt **20**

am Buch „Luxemburger Sagen und Legenden“ vum Edmond de la Fontaine (Dicks) **21**

Ausgewielt Bibliografie – an alphabetescher Reiefolleg **22**

Impressum

Texte: Monique Hermes
Illustrationen: Dina Paulus
Fotos: Monique Hermes, Alain Goedert, Gemeindearchiv Grevenmacher
Ausarbeiten des Projektes: Kulturkommission Grevenmacher, Gruppe "Soen- a Legendepad": Paul Emering (†), Alain Goedert, Simone Gehlen-Welter, Monique Hermes, Marc Schiltz
Layout & Druck: Tom Schartz, presss s.à.r.l.
Herausgeber: Gemeinde Grevenmacher
Adresse: 6, Place du Marché
L-6755 Grevenmacher
Tel.: 75 03 11 1
Fax: 75 03 11 80
E-mail: bulletin@grevenmacher.lu

De Longkaulemännchen zu Gréiwemaacher

Am Bierg um lénke Museluwenner, ongeféier 2000 Meter ewech vun der Stad Gréiwemaacher, ass eng Verdéiwung, déi ausgesäit wéi d'Bett vun engem Weier. Si ass bei all Mënsch als „Longkaul" oder „Onkeweier" *(Unkenteich)* bekannt.Do huet bis an d'16. Jorhonnert de Longkaulemännche gehaust, deen och Geldhanes, Bläimantel, Mann am Onkeweier oder Kelzmännche genannt gouf (wéinst der Kelsbaach, déi net wäit vun der Longkaul laanschtleeft). Zu Liefzäiten huet en iwwerall Geldhanes geheescht, wéinst deene ville Räichtëmer an deem décke Koup Geld, déi him gehéiert hunn. An der ganzer Géigend war en als Knéckjang bekannt a gefaart. Säin Ausgesinn, seng Kleedung, iwwerhaapt säi ganzt Wiesen, waren esou, datt e jidderengem Angscht agejot huet an datt d'Bewunner vum Museldall hien ëmmer gemidden hunn. Hie war grouss a gouereg, hat e rouden, struppege Baart, laang, rout Hoer, eng kleng, ronn Mutz um Kapp a meeschtens e Klabes derbäi, wann en erausgoung. Dëse Mann war vu Gréiwemaacher; säin Elterenhaus gëtt haut nach gewisen *(geschriwwen 1883!)*. Eng Kéier, no engem fuurchtbare Wieder, wéi d'Musel wäit iwwer d'Uwenner getratt war an de ganzen Dall gefëllt huet, ass seng Wunneng mat alle Schätz dran zu Grond gaang. Wéi de Geldhanes gesinn huet, dass et fir hie keng Rettung méi géif, huet e ganz haart gejaut a gebrëllt, ass op säi Koup Geld gefal a gouf mat him vun den héije Welle verschlong. Schonn e puer Méint méi spéit huet ee Gejäiz a Gehauls an der Géigend héieren, a geschwë war iwwerall bekannt, datt de Geldhanes nuets am Onkeweier opdauche géif a gerett gi wëllt. Hien huet nämlech begiert, an d'Äerd era verbannt ze ginn, fir do fir ëmmer bei sengem Geld bleiwen ze kënnen. Ëmmer, wann en an der Déift war – esou huet e geklot – géif hien erëm eropgezu ginn. Ouni Erfolleg ass gekuckt ginn, wéi een deem Spuk do lassgi kënnt. Endlech koum e Pater, deen op der Duerchrees war, op d'Iddi, fir e Bläimantel maachen ze loossen, dee se dem Geescht mat vill Zeremonien a Beschwierungen iwwergeworf hunn, wourop e plëtzlech ënnergaang ass an näischt méi vu sech héiere gelooss huet.

Jorelaang war et roueg an der Géigend, an et huet kee Mënsch méi un de Longkaulemännche geduecht, bis eng Kéier nuets e Wanderer en héieren huet jäizen: „Hu, wou soll ech d'Maark hiseetzen, wou soll ech se hiseetzen?" Bleech ewéi der Dout koum de Wanderer an deem nächsten Duerf, zu Meechtem, un, huet de Virfall erzielt an ass e puer Deeg duerno vu Schreck gestuerwen. Vun deem Dag un ass de Kelzmännchen a sengem bläie Mäntelchen all Nuets opgedaucht bis an d'19. Jorhonnert *(geschriwwen 1883!)*. En huet gejaut an dacks déi ganz Nuecht laang geschoss, a grad op Fest- a Feierdeeg huet en et am schlëmmste gedriwwen. Dacks huet en eng Feierkugel an d'Loft geworf, déi dann zerplatzt erofgefall ass an e Geräisch gemaach huet, wéi d'Laachen a Jäize vun honnerte vu Gecken. Vun deene ville Streecher, déi en de Bewunner aus der Ëmgéigend gespillt huet, gi ganz besonnesch déi hei ernimmt: Eng al Fra, déi tëscht Dag an Nuecht mat enger Hatt voll Holz um Wee an der Longkaul koum, huet op eemol hanner sech een héiere lafen, awer kee gesinn, mä du huet se gespuert, wéi een op hir Hatt gesprong ass. D'Laascht war onheemlech schwéier, well si huet de Bläimantel gedro. Si huet gekäicht, fir de Kräizerbierg bei Gréiwemaacher ze erreechen, wou se zesummegaang a gestuerwen ass. De Longkaulemännchen huet gelaacht an an d'Hänn geklatscht, wéi e se verlooss huet.Eng Kéier koum e Mann vu Gréiwemaacher eppes méi spéit aus dem Bësch, deen no bei der Longkaul läit,

e gëtt „Espen“ genannt. Op eemol stoung de Kelzmännche virun him. Ouni e Wuert ze schwätzen, ass en dem Mann op de Réck geklomm, an deen huet e bis op de Kräizerbierg droe missen. D’Laascht war esou schwéier, datt de Mann sech net erënnert huet, jeemools eng ähnlech gehuef ze hunn. E Piechter vum Fronay-Huef iwwer der Longkaul, huet missen dru gleewen an de Longkaulemännchen droen, esou dacks wéi en nuets op Maacher goung. Den Näischnotz huet him esou zougesat, datt e säi Pachthuef, dee vill abruecht huet, huet misse verloossen. Déi Leit, déi nuets mat hire Päerd dobaussen op der Weed waren, sinn dacks duerch hir Kreesch plëtzlech aus dem Schlof gerappt ginn an hunn de Longkaulemännche héieren a gesinn, well e sech méi dacks an der Gestalt vun engem Hond gewisen huet. Eng Kéier hunn an der Longkaul zwéi Bauere vu Gréiwemaacher, déi mat hire Päerd do gehal hunn, zwéin Honn mat groussen, feieregen Hare gesinn, mat Feier an der Maul an am Hals. D‘Honn si gewuess a gewuess, bis se schliisslech méi grouss waren, wéi hir Päerd. Du hu se sech a Männer verwandelt, déi gebrëllt hunn an an d’Longkaul eragefuer sinn. Den Hond aus der Longkaul huet een och dacks am däitschen Duerf Wellen déi aner Säit vun der Musel héiere jäizen a brëllen. E Glasmécher vu Gréiwemaacher, dee vun Uewerdonwe komm ass, huet erzielt, de Bläimantel hätt sech op seng Hatt gesat an en hätt hie bis op de Kräizerbierg droe missen. Do wär e vu Middegkeet ëmgefall. De Metzler an de Schéifer huet de Bläimantel nuets d’Schof gestuel; besonnesch zur Zäit vun den Napoleonische Kricher soll en nuets ganz vill Schof an anert Véi gestuel hunn.

Zënter Joren erschéngt dee verruffene Longkaulemännchen net méi, an allgemeng ass een zu Gréiwemaacher der Meenung gewiescht, den Napoleon I. hätt *(bei sengem Besuch, den 9. Oktober 1804)* am Museldall all Geeschter a Gespenster, och de

Longkaulemännchen, gebannt a vun der Äerd ewechbeschwuer.
(Quell: N. Gredt, Sagenschatz 1883, N° 258:
„Das Longkaulemännchen zu Grevenmacher“.)

Das unbeliebte und gefürchtete „Longkaulemännchen“ hauste in der „Longkaul“ zwischen Grevenmacher und Machtum und war nicht nur wegen seines Geizes, sondern auch wegen mancher Streiche bekannt. Es kam schlussendlich in der Mosel um.

Le „Longkaulemännchen“, que les gens craignaient, avait sa demeure au lieu-dit „Longkaul“ entre Grevenmacher et Machtum. Il était bien connu pour son avarice et pour bien d’autres coups joués. Il périt finalement dans la Moselle.

D'Felsefräche bei Gréiwemaacher

An den héije Fielsen, déi tëscht Meechtem a Gréiwemaacher d'Wéngerten ofgrenzen, huet sech virun zweehonnert Joer *(geschriwwen 1883!)* eng Fra opgehal, déi ënner dem Numm Felsefrächen bekannt war *(verschiddene Quellen no waren et och alt emol dräi Fraen)*.

Nuets war se meeschtens an de Wéngerten; daagsiwwer huet ee se seele gesinn a wann, dann nëmmen zur lessenszäit, wou se, ouni ze schwätzen, bei d'Aarbechter an d'Wënzer koum. An der Fels sinn zwou Splécken no beieneen, vun deenen déi eng esou grouss ass, dass een derduerch an de Fiels eragoe kann, bal ouni sech ze bécken. Do soll d'Frächen ëmmer zu deem enge Fiels eran- an zu deem aneren erausgang sinn, ouni datt een et gewot huet, hir nozegoen an no hirer ënnerierdescher Wunneng ze fuerschen. Hir Haaptbeschäftegung wär d'Spanne gewiescht. Déi eenzeg Téin, déi ee vun hir héieren huet, waren en haart Sangen a Jäizen all Nuets ëm d'Geeschterstonn. Si huet allerlee bekëmmlecht Gedrénks fir krankt Véi zoubereet a war bei de Bewunner aus den Uertschaften an der Noperschaft méi beléift, wéi gefaart.

Eng Kéier huet eng Fra hire Jong bei d'Felsefräche geschéckt, fir no engem Dronk fir eng krank Kou ze froen. Si huet de Bouf, deen hir gefall huet, an hir ënnerierdesch Wunnéng gelackelt an en net méi vun do fort gelooss. Dem Jong huet et awer net do gefall, an hien huet zweemol ouni Erfolleg probéiert ze entkommen, wéi d'Felsefrächen net do war. Bei engem drëtte Fluchtversuch ass déi rätselhaft Fra rose ginn, huet de Bouf iwwerfall an en an zwee Stécker gerappt, wouvu se dat eent an d'Musel gehäit an dat anert selwer verziert huet. Wéi dës Dot bekannt gouf, ass d'Felsefräche festgeholl an op engem Scheiterhaufe verbrannt ginn. Duerno soll se nach méi dacks gesi gi sinn, besonnesch vu Fraen, déi moies fréi bei d'Musel gaang sinn, fir hir Wäsch ze maachen.

Das bei den Grevenmacher Bewohnern eher beliebte „Felsefrächen" lebte in einer Höhle im Ort genannt „Fels" zwischen Grevennmacher und Machtum. Es kochte oft Tee für krankes Vieh. Als es ein Kind umbrachte, verbrannten die Bewohner das „Felsefrächen" auf dem Scheiterhaufen.

La „Felsefrächen" habitait dans une grotte au lieu-dit „Fels" entre Grevenmacher et Machtum. Les habitants de Grevenmacher l'aimaient bien, car elle préparait de la tisane pour le bétail malade. Quand elle tua un enfant, les habitants la brûlèrent sur le bûcher. (Quell: N. Gredt, Sagenschatz 1883, N° 62 „Das Fielsefrächen bei Grevenmacher")

De Groesteen bei Gréiwemaacher

De Groesteen, fréier e grousse Steeblock, elo e puer manner grouss Steng, läit op der Héicht no beim Wee vu Gréiwemaacher op Manternach. Op der Uewerfläch vun de Steng gesäit ee vill Verdéiwungen, déi duerch Wand a Reen entstan sinn an déi dem Fousstrëtt vun Déiere méi oder manner gläichen. Laut enger aler So soll dëse Groesteen vum Däiwel selwer op d'Plaz bruecht gi sinn. Eng Kéier krut den Däiwel matgedeelt, zu Tréier géif e Casino gebaut, deen him geweit gi sollt. Doriwwer war dee Béise frou an huet e ganz schwéiere Steen op eng Hatt geholl, deen hie laanscht d'Musel selwer op Tréier droe wollt, fir datt dee Steen als Grondsteen fir dat neit Gebai gebraucht géif. Wéi en an d'Géigend vu Gréiwemaacher koum, huet e Mann, deen op der Rees war, dem Däiwel matgedeelt, dass se hien uschmiere wëllten, well deen neie Bau zu Tréier géif kee Casino, mä eng Kierch an zwar en Doum. Doriwwer war dee gefoppten Däiwel rosen an hien huet de Steen mattsen duerch d'Stad gedro, erop op de Bierg, wou een en nach haut gesi kann. Éiert den Däiwel vum Stee fortgoung, huet e wéi klorrosen drop gedanzt. Déi Verdéiwungen, déi een um Steen gesäit, gi vun all Mënsch als Trëtt ugesinn, déi den Däiwel beim Danzen dragedréckt hätt. Well e Wanderer, deen nuets laanscht de Stee goung, sech ouni ze wëlle gegrujelt huet, gouf de Steen „Groesteen" *(Grauenstein)* genannt, en Numm, dee spéider de ganze Bierg krut. Anerer erzielen: D'Däiwele sollten en Haus zu Tréier bauen. Een Däiwel huet gewett, um zwielef Auer mëttes mat engem grousse Steen zu Tréier ze sinn. Wéi den Däiwel iwwer d'Réimerstrooss op de Groesteen koum, huet zu Manternach d'Mëttesklack gelaut – zwielef Auer an nach véier Stonne vun Tréier ewech! Den Däiwel huet de Steen op de Buedem geworf a vu Roserei drop gedanzt. No anere Soen, d'Zeechen um Groesteen, déi als Spure vun de Fousstrëtt vum Däiwel ugesi ginn, kéimen dovun, datt den Däiwel vu Freed um Steen gedanzt hätt, wéi en eng arem Séil krut. Virun enger Zäit ass d'Gerücht ëmgaang, ënner dem Groesteen géif Geld verstoppt leien. Franséisch Veteranen hunn dat gegleeft an de Steen gesprengt, awer näischt fonnt. Et gëtt och vun enger Gestalt beim Groesteen geschwat, déi nuets erschénge géif. Et wär de Groesteenmännchen, deen dacks do gesi gi wär. Nach haut ass een der Meenung, datt et do net mat rechten Déngen zougoe géif, an deene Leit, déi reesen, gëtt geroden, sech net ze verspéiden, fir net vum Groesteenmännchen iwwerrascht ze ginn.



(Dee Groesteenmännchen ass d'Haaptfigur am Theatersteck vum Maacher Schoulmeeschter Nik Wampach „Beim Zwergevollek um Groesteen" (1920). Deen alen Zwerg huet e laangen, wäisse Baart, eng rout Kapuz an e schaarft Messer a sengem Rimm. Hien ass de Chef vum Zwergevollek vum Groesteen.) (Quell: N. Gredt, Sagenschatz 1883, N° 796: Der Groesteen bei Grevenmacher)

Der Teufel hat etwas mit dem schweren Felsblock am Ort genannt „Groesteen" zwischen Grevenmacher und Manternach zu tun. Als er erfuhr, dass in Trier kein Casino, sondern der Dom gebaut würde, tanzte er wütend auf dem Stein und hinterließ seinen Fußabdruck.

Le diable en personne aurait amené la lourde pierre qui se trouve entre Grevenmacher et Manternach au lieu-dit «Groesteen». Quand il apprit, qu'une église était en construction à Trèves, et non un casino, il dansa furieusement sur la pierre et y laissa l'empreinte de ses pieds.

D'Wäisst Kräiz

Vun der „Schuckenhiel“ aus huet den Albrecht vu Brandenburg am Joer 1552 d’Stad Gréiwemaacher iwwerfall. Duerno huet en d‘Uertschaft ausraiberen an anäschere gelooss. Am Agank vun dëser „Hiel“ steet e Kräiz, wat un dësen traurege Virfall erënnere géif, gëtt gemengt. Mat dësem Kräiz si vill schauereg Märercher verbonnen. Ënner anerem solle sech hei d’Hexe versammelt hunn, fir mat de béise Geeschter am Bond d’Verdierwe vu Gréiwemaacher ze beschléissen. *1)Beim Wäisse Kräiz zu Gréiwemaacher solle sech an der Zäit all d‘Hexen aus der Géigend versammelt hunn, fir ze danzen, a sech géint d’Stad verschwuer hunn. Quellen: Edmond de la Fontaine: Luxemburger Sagen und Legenden 1882, N° 262: Das weiße Kreuz bei Grevenmacher. N. Gredt, Sagenschatz 1883, N° 876 A: Noch andere Versammlungsorte und Tanzplätze der Hexen.

(D’Wäisst Kräiz steet an der „Schuckenhiel“, nieft dem leschten Haus, wat nach zur Katreinergaass gehéiert. D’Schuckenhiel krut hiren Numm vun deenen, déi Maacher 1552 iwwerfall, ausgeraibert an a Flame gestach hunn, de „Schukken“ – esou hunn d’„Schweden“ am Volleksmond geheescht. Et geet op méi Plazen dervu Rieds, datt den Albrecht vu Brandenburg och nach dat schéinst Meedche vu Maacher als Krichsbraut matgeholl hätt. Doriwwer ass esouguer en Theatersteck geschriwwe ginn.)

Nikolaus Welter: Die Braut oder Das Mädchen von Grevenmacher – Ein geschichtliches Spiel in drei Aufzügen, Luxemburg, 1931. Das Weiße Kreuz in der „Schuckenhöhle“ soll an den blutigen Überfall der Truppen von Markgraf Albrecht von Brandenburg-Kulmbach im Jahre 1552 erinnern. Hier hätten einst die Hexen aus der Umgegend sich versammelt, heißt es.

La Croix Blanche au lieu-dit „Schuckenhiel“ rappellerait l’attaque sanglante des troupes du margrave Albrecht de Brandenbourg-Kulmbach contre Grevenmacher en 1552. Toutes les sorcières des environs auraient jadis eu leur lieu de réunion à cet endroit, dit-on.



LEGENDENPFAD GREVENMACHER



BUREAU D'ARCHITECTURE
22, SCHAFFMILL
L-6778 GREVENMACHER
info@archi-web.lu
T: 75 90 50
F: 75 90 60
www.archi-web.lu

De gespensteschen Néitsert

Op der Strooss vu Gréiwemaacher a Richtung Lëtzebuerg ass eng Bréck (*), bei där et fréier net ganz geheier war. Wanderer, déi nuets eleng an der Géigend vun där Bréck waren, hu méi dacks e gewaltegt Néitsen héieren; et konnt awer keen den Néitsert selwer gesinn.

Eng Kéier koum e Vollen nuets laanscht dës Bréck an huet dat onerkläerlecht Néitsen héieren. Ganz behäerzt, wéi hien a sengem Zoustand war, huet hien haart gesot: „Gott seen dech!“ – „Gott sei Dank“, war direkt ënner der Bréck eng gewalteg Stëmm ze héieren, „Gott sei Dank, elo sinn ech erléist, well s du deen Éischte bass, dee mir bei mengem Néitsen de Seege vum Härgott gewënscht huet! Schonn honnert Joer laang hunn ech missen hei bleiwen, als Strof, well ech eng Kéier engem, dee grad genéitst huet, zougeruff hunn: ‚Hätts de dach an d’Nues geschass!‘“ (*) D’Bréck, vun där Rieds geet, war fréier no beim Kreessverkéier „Kummert“. (Quell: N. Gredt, Sagenschatz 1883, N°338: „Der gespenstische Nieser bei Grevenmacher.)

Der gespenstische „Nieser“ in der Nähe der Brücke an der Luxemburger Straße war dazu verdammt worden, zu niesen, wenn nachts einsame Wanderer vorbeikamen. Durch einen Betrunkenen, der ihm zurief: „Gott segne dich!“, wurde er erlöst.

L’«éternueur» fantomatique non loin du pont dans la rue qui mène à Luxembourg, était condamné à éternuer pendant la nuit lors du passage d’un randonneur solitaire. Grâce à un ivrogne, qui lui dit: «Que Dieu te bénisse!», il fut délivré de son mal.

De Muselhond zu Gréiwemaacher

De Muselhond war en Ongeheier, dat sech meeschtens an der Musel an nëmme seelen um Land an der Géigend vun der Stad Gréiwemaacher opgehal huet. Well e kengem eppes zuleed gedo huet, huet och keen e gefaart. Moies fréi koum e geméinlech als groussen Hond. Nodeems e seng Ronn duerch d'Stad gemaach hat, huet e sech an d'Musel gehäit, wou en dann als Mann erschéngen ass. Besonnesch d'Wäschfraen hunn e moies gesinn, wéi e sech mat groussem Gedäisch d'Musel erof gewänzelt huet, bal wéi e Faass vun engem Fuder, wat weiderrullt. De Kanner, déi beim Bueden ze kéng waren, ass gedreet ginn, de Muselhond géif se ënner Waasser zéien, fir se dout ze maachen. Besonnesch de Fëscher soll e ganz gutt gesënnt gewiescht sinn, an et ginn a Gréiwemaacher zwéi Fëscher genannt, déi eng Kéier mat senger Hëllef ganz vill Fësch gefaang hätten. Nach haut kréien d'Kanner vum Muselhond erzielt, dee se huele kéim. Vis-à-vis vun Temmels huet ee fréier méi dacks zwéi Männer gesinn, e groussen an e klengen, déi sech op der Wiss gewänzelt hunn, an et huet ee se an engem Stéck ruffen héieren: „Huel iwwer! Huel iwwer!" Wann dann de Fährmann um Uwänner op dëser Säit ukoum, huet e ganz paff festgestallt, datt kee méi do war, obwuel en de Ruff nach bei der Iwwerfaart héieren hat. Och dat soll de Muselhond gewiescht sinn. De Fährmann war awer deen eenzegen, mat deem de Muselhond eng Kéier de Geck gemaach hu soll.

Der „Muselhond" war ein Ungeheuer, das sich meistens in der Mosel in der Nähe der Stadt Grevenmacher aufhielt. Das eher harmlose Tier, das niemandem etwas zuleide tat, diente vornehmlich als Kinderschreck.

Le „Muselhond" était un monstre qui séjournait de préférence dans la Moselle non loin de la ville de Grevenmacher. La bête plutôt anodine servait avant tout de croque-mitaine.

(Quell: N. Gredt, Sagenschatz 1883, N° 84: „Der Muselhond zu Grevenmacher")

D'Kräiz an der Kräizkapell zu Gréiwemaacher

D'Kräizkapell läit op engem Bierg am Oste vu Gréiwemaacher. Si ass viru méi wéi honnert Joer *(geschriwwen 1883!)* gebaut ginn, an den Ulass dozou soll folgende gewiescht sinn:

Dat stenge Kräiz, wat nach haut iwwer dem Haaptaltor steet, ass bal zwéi Meter héich, huet staark Ballek-en an dréit e Christusbild an natierlecher Gréisst. Dëst Kräiz koum eng Kéier trotz sengem Gewiicht op der Musel géint de Stroum geschwomm. Ganz paff ass d'Vollek bei d'Musel gelaf an huet sech d'Wonner ugekuckt. Wéi paff war een awer eréischt, wéi d'Kräiz op der Héicht vun der Parkierch am Waass-er stoe blouf, an zwar riicht, a mat engem Arem op de Bierg am Oste vun der Stad gewisen huet. Dat alles hat fir déi, déi nogekuckt hunn, eng besonnesch Bedeitung, an et ass beschloss ginn, d'Kräiz un den Uwenner ze schafen an a feierlecher Prëssessioun an d'Parkierch ze droen. Mä et war net méiglech, d'Kräiz vum Uwenner ewech ze kréien, a kee wosst e Rot.

Du ass e Mann ervirgetratt, dee frommsten aus der Par, an huet sech ugebuet, fir dat schwéiert Kräiz eleng bei d'Kierch ze droen. En huet et opgelueden, an zur gréisster Verwonnerung vun all deenen, déi do waren, huet en et mat enger grousser Liichtegkeet an d'Kierch gedro. Bei feierleche Gesäng a fromme Gebieder ass d'Kräiz nieft dem Altor opgestallt ginn.

Mä kuckt! deen aner Moie stoung d'Kräiz hanner der Dir, an et huet erëm mam Aarm op de Bierg gewisen. Dat huet sech e puer Deeg laang widderholl, an et huet een et esou gedeit, datt d'Kräiz um Bierg opgeriicht gi wëllt. Nodeem et feierlech eropgedro an opgestallt gi war, ass direkt beschloss ginn, eng Kapell ze bauen, fir dat geheimnisvollt Kräiz opzehuelen. Schonn no e puer Méint stoung d'Kapell do, d'Awunner vun der Stad hate se op Sonndeger an op fräien Aarbechtsdeeg gebaut, ouni eppes dofir ze froen.

D'Kapell krut den Numm „Kräizkapell", an dee ganze Bierg gouf vun do u „Kräizerbierg" genannt. All Joer komme ganz vill Pilger dohin, fir d'Kräiz ze veréieren; an deene leschte 25 Joer *(geschriwwen 1883!)* huet dës Wallfahrt awer bedeitend ofgeholl, an et komme just nach op Feierdeeg an an der Faaschtenzäit Friemer, fir um Kräizerbierg ze bieden. (Quell: N. Gredt, Sagenschatz 1883, N° 1043: Das Kreuz in der Kreuzkapelle zu Grevenmacher.)

Ein wuchtiges Kreuz über dem Hauptaltar ist das Herzstück der Kreuzkapelle auf dem Kreuzerberg. Die Legende besagt, dass dieses Kreuz auf der Mosel gegen den Strom geschwommen sei und mit dem Arm auf den Berg gezeigt habe, wo es schlussendlich aufgerichtet wurde. Der Kreuzerberg mit seiner heutigen Kapelle, die 1737 vergrößert wurde, ist seit 1956 Totengedenkstätte der Stadt Grevenmacher und wurde 2015 als Nationalmonument klassiert.

Une croix massive au-dessus du maître-autel est la pièce maîtresse de la Chapelle Sainte-Croix. La légende dit, que cette croix aurait nagé sur la Moselle contre le fleuve et qu'elle aurait montré sur le mont où elle a finalement été érigée. En 1956, le Mont Sainte-Croix et sa chapelle, agrandie en 1737, ont été déclarés Monument aux Morts de la ville de Grevenmacher. Depuis 2015 la chapelle et le calvaire y menant sont classés Monument national.

Soen a Legende vu Gréiwemaacher (a ronderëm)

am „Sagenschatz des Luxemburger Landes“ vum Dr. N(ikolaus) Gredt
Originalausgab: 1883, Neioplag: 1963 an 1982, weider Editiounen: 2005, 2013

01. Nr. 11: Wichtelcher zu Gréiwemaacher
Wichtelcher zu Grevenmacher
Quelle: Lehrer Wagner zu Grevenmacher

02. Nr. 62: D’Felsefräche bei Gréiwemaacher
Das Fielsenfrächen bei Grevenmacher
Quelle: Lehrer Wagner zu Grevenmacher

03. Nr. 75: De Muselgeescht tëscht Gréiwemaacher a Waasserbëlleg
Der Moselgeist zwischen Grevenmacher und Wasserbillig

04. Nr. 84: De Muselhond zu Gréiwemaacher
Der Muselhond zu Grevenmacher
Quelle: Lehrer Wagner zu Grevenmacher

05. Nr. 177: De Bamstamm, dee gloust, bei Mäertert
Der glühende Baumstamm bei Mertert

06. Nr. 195: De risege Mann tëscht Gréiwemaacher a Fluessweiler
Der riesige Mann zwischen Grevenmacher und Flaxweiler
Quelle: L. Land, 1882, Nr. 12

07. Nr. 258: De Longkaulemännchen zu Gréiwemaacher
Das Longkaulemännchen zu Grevenmacher
Quelle: Lehrer Wagner zu Grevenmacher

08. Nr. 259: De Bläimantel zu Temmels
Der Bleimantel zu Temmels
Quelle: N. Gonner

09. Nr. 260: De Grof Vugel an der Mäerter Fiels
Der Graf Vugel in der Merterter Fels
Quelle: Lehrer Wagner zu Grevenmacher

10. Nr. 269: De Riefpoulsetzer zu Gréiwemaacher
Der Rebpfahleinklopfer bei Grevenmacher
Quelle: Lehrer Konert

11. Nr. 313 (A + B): Den Här vu Stolzebierg
Der Herr von Stolzenberg
Quelle A: N. Gonner
Quelle B: Manuskript des Notars Ritter Joseph, Grevenmacher

12. Nr. 325: De Grenzsteenverrécker tëscht Gréiwemaacher a Fluessweiler
Der Grenzsteinverrücker zwischen Grevenmacher und Flaxweiler.
Quelle: Luxemburger Land, 1882, Nr. 12

13. Nr. 338: Dee gespensteschen Néitser bei Gréiwemaacher
Der gespenstische Nieser bei Grevenmacher
Quelle: L. Land, 1883, Nr. 12

14. Nr. 376: De Schappmännchen zu Gréiwemaacher (an zu Lelleg)
Schappmännchen zu Grevenmacher und zu Lellig
Quelle: Lehrer Wagner zu Grevenmacher

15. Nr. 432: De Stolzebergermännche bei Gréiwemaacher
Das Stolzebergermännchen bei Grevenmacher
Quelle: Lehrer Wagner zu Grevenmacher

16. Nr. 474: Lëfteg Gespenster bei Rued
Luftige Gespenster bei Ro(o)dt *(im Kanton Grevenmacher)*

17. Nr. 558: Dee gespensteschen Hëndche bei Mäertert
Das gespenstische Hündchen bei Mertert

18. Nr. 611: D’Päerd, wat gloust, bei Mäertert
Das glühende Pferd bei Mertert

19. Nr. 650 A: Déi dräi Joffere bei Mäertert
Die drei Jungfrauen bei Mertert

20. Nr. 796: De Groesteen bei Gréiwemaacher
Der Grauenstein bei Grevenmacher. Mitteilungen des Prof. van Werweke und der Lehrer Wagner und Oswald

21. Nr. 828: D’Kaz mat dräi Patten zu Gréiwemaacher
Die Katze mit drei Pfoten zu Grevenmacher

22. Nr. 876 A: Nach aner Versammlungs- an Danzplaze vun den Hexen
Noch andere Versammlungsorte und Tanzplätze der Hexen
Quelle: Lehrer Wag(e)ner zu Grevenmacher

23. Nr. 956: Kazenhexen zu Gréiwemaacher
Katzenhexen zu Grevenmacher
Quelle: Lehrer Wagner zu Grevenmacher

24. Nr. 1020: Ursprong vun de Bittgäng op Taben (hanner Saarburg)
Ursprung der Bittgänge nach Taben (oberhalb Saarburg)
Quelle: Lehrer Wagner zu Grevenmacher

25. Nr. 1043: D’Kräiz an der Kräizkapell zu Gréiwemaacher
Das Kreuz in der Kreuzkapelle zu Grevenmacher
Quelle: Lehrer Wagner zu Grevenmacher





Soen a Legende vu Gréiwemaacher (a ronderëm)

am Buch „Luxemburger Sagen und Legenden“ vum Edmond de la Fontaine (Dicks)
Originalausgab: 1882, Neioplag: 1989

01. Nr. 65: De Geldhanes bei Gréiwemaacher
Der Geldhannes bei Grevenmacher
Quelle: Von Cederstolpe, 56. – N. Steffen, 189. – J. Engling, Manuscript, 292.

02. Nr. 69: De schwaarzen Hond beim Fronayhuef
Der schwarze Hund beim Frohneihof

03. Nr. 72: Nach eng erléist Séil
Noch eine erlöste Seele
Quelle: Ph. Knaff, Geschichtliche Abhandlung über die Stadt Grevenmacher, 62.

04. Nr. 82: De Longkaulemännchen
Das Lungkaulemännchen
Quelle: Basse-Moûturie, 198. – J. Engling, Manuscript, 148.

05. Nr. 236: D’Kräizkapell zu Gréiwemaacher
Die Kreuzkapelle zu Grevenmacher
Quelle: Von Cederstolpe. Manuscript.

06. Nr. 237: D’Gehaanskapell bei Gréiwemaacher
Die St. Johanniskapelle bei Grevenmacher.
Quelle: Ph. Knaff, Geschichtliche Abhandlung über die Stadt Grevenmacher, 14, 20.

07. Nr. 262: D’wäisst Kräiz bei Gréiwemaacher
Das weiße Kreuz bei Grevenmacher
Quelle: Ph. Knaff, Geschichtliche Abhandlung über die Stadt Grevenmacher, 72.

08. Nr. 315: De Groesteen bei Manternach
Der Grauenstein bei Manternach
Quellen: Basse-Moûturie, 190. – J. Engling, Manuscript, 104. – Publications, X, 69.

Soen a Legende vu Gréiwemaacher (a ronderëm)

Ausgewielt Bibliographie – an alphabetescher Reiefolleg

L'Evêque de la BASSE-MOÛTURIE
Itinéraire du Luxembourg germanique
1844 (1980)

Leo BERCHEM, MICHEL MOLITOR (Hrsg.)
Heimatsagen, Blütenlese aus dem Luxemburger Sagen- und Legendenschatz
Luxemburg, 1929

Leo BERCHEM, Michel MOLITOR (Hrsg.)
Heimatsagen, Neue Auslese aus dem Luxemburger Sagen- und Legendenschatz
Luxemburg, 1932

Adolf BERENS
D'Kerfegsbloum, een Geschicht aus dem ale Lëtzeborger Volleksliewen an der Muselsprooch,
vun eem ale Mann, Band 1-4
1921-1928

Theodor VON CEDERSTOLPE
Sagen von Luxemburg, poetisch bearbeitet
Luxemburg, 1841

Dr. Henri CLEES
D'So vum Groesteen
onveröffentlecht Manuskript

Edmond DE LA FONTAINE (DICKS)
Luxemburger Sagen und Legenden
1882 (1989)

Jean ENGLING
Die Volksweisheit im Gewande der Dichtung, oder Luxemburger Sagen, gesammelt und metrisch bearbeitet
Manuskript, 1856

Johann Matthias FIRMENICH
Germaniens Völkerstimmen, Sammlung der deutschen Mundarten in Dichtungen, Sagen, Märchen, Volksliedern usw., Band I
Berlin, 1843

Mil GOERENS
Eiser Soen, Band 1, 2, 3
Stephan Moll Verlag, o.D. (2017)

Dr. Nikolaus GREDT
Sagenschatz des Luxemburger Landes (gesammelt von Dr. Nikolaus Gredt)
erste Auflage: 1883, neubearbeitet in der sprachwissenschaftlichen Sektion des Großherzoglichen Institutes, 1963 und 1982, Institut Grand-Ducal, Section de Linguistique, d'Ethnologie et d'Onomastique, 2005, Berliner Ausgabe, 2013, Herausgeber: Michel Holzinger

Pierre GRÉGOIRE
Luxemburgs Kulturentfaltung im neunzehnten Jahrhundert
Luxemburg, 1981

Monique HERMES
An de Maacher Soen a Legende gebliedert – an der e
puer dervun erausgegraff a kommentéiert
in Nos cahiers
Kanton Gréiwemaacher, 3/1999

Joseph HESS
Der Anteil der Professoren an der Luxemburger Volkskunde
in Un siècle de vie intellectuelle 1839-1939, 1939

Joseph HESS
Altluxemburger Denkwürdigkeiten
Luxemburg, 1960

Joseph HESS
Luxemburger Volkskunde
Grevenmacher, 1929

Joseph HURT
Der Kreuzerberg und seine Geschichte
Grevenmacher, 1956

ILLUSTRIERTER FÜHRER *(rechts abgebildet)*
für Grevenmacher und Umgebung, Verschönerungsverein
Grevenmacher, o. D.

Johann KIEFFER
Das Longkaulemännchen
in Luxemburger Hauskalender, 1882

Soen a Legende vu Gréiwemaacher (a ronderëm)

Ausgewielt Bibliographie – an alphabetescher Reiefolleg

Ph. KNAFF
Geschichtliche Abhandlung über die Stadt und ehemalige Festung und Landrichterei
Grevenmacher, Luxemburg, 1867

MAACHER LIEFT!
En Ëmzuch duerch Maacher an en Zeenespill
a siwe Biller am Centre culturel
Kulturkommissioun Gréiwemaacher, 1995

Paul NOESEN
Der Anteil Grevenmachers am geistigen Schaffen unserer Heimat
in Grevenmacher 1252-1952, La Bonne Ville, 1952

OBERMOSELZEITUNG
Grevenmacher, u. a. 1889, 1920-1922.

Peter OLINGER
Velleda, die Drude von Machern, Erzählung aus der Geschichte und Sage der Stadt Grevenmacher, Druck und Verlag der Obermoselzeitung
Grevenmacher, 1935

Nicolas RIES
Notre Moselle, Grevenmacher et ses environs
Edition des Cahiers Luxembourgeois, 1940

Frantz SEIMETZ
Der Feuersalamander, Einfälle und Ausfälle, Band II
1932

Leo SENNINGER
Die ersten Proben der Luxemburger Mundart
in Grevenmacher 1252-1952, La Bonne Ville, 1952

Nikolaus STEFFEN
Märchen und Sagen des Luxemburger Landes
1853

Jean-Pierre (Jemp) URWALD jr.
Von Grauenstein, Longkaul und anderen Geschichten...
in Muselfénkelcher, Grevenmacher, Festbroschüre, 1981

Anton WAGNER
Altertümliche Merkwürdigkeiten der Stadt Grevenmacher, Eine Sammlung von Sagen und Märchen, Sitten und Gebräuchen, Volksmeinungen, Liedern, Sprüchen, Spielen, usw., gesammelt, herausgegeben und seinen Mitbürgern gewidmet von X. Mosellanus
Grevenmacher, 1885

Nik. WAMPACH
Beim Zwergevollek um Groesteen, eng Seeche fir d'Kannerbühn an 2 Akte mat enger Verwandlong
Lëtzebuerg, 1920

Ville de Grevenmacher
MUSELMETROPOL

Gemeeneblat

04/2019